# Den LOQ mam LOD

5. Editioun: 12 Froen iwwer Riedensaarten.
Mëttwoch, 29. Abrëll um 10 an um 16 Auer.



# Wat ass en LOQ?

- → LOQ = Live-Ortho-Quiz
- → Test Äert orthografescht Wëssen
- → Multiple-Choice-Froen
- → Spillt live géint aner Leit

lod.lu Lëtzebuerger Online Dictionnaire

DE + FR | DE | FR | EN | PT

**Quiz** **männlecht Substantiv** (*Pluriel* Quizzen / Quizzer)

DE *Quiz* FR *quiz*

Beispill

ech hu bei engem Quiz matgemaach an eng Rees gewonnen

# Wat ass den LOD?

- → Lëtzebuerger Online Dictionnaire
- → E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
- → Ze fannen ënner www.lod.lu

# Testfro: Här ass Här, a ...

Max ass Max!

Macks ass Macks!

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt lech un!

# 1/12: So dengen Elteren dat net, déi fale soss aus alle ...

Wollecken!

Wolleken!

Wolléken!

Wollécken!

0

# Wolleken

→ Den "o" ass kuerz a betount, dofir stinn zwee "l" hannendrun.

→ Den "e" ass onbetount, dofir kritt e keen Accent.

→ De "k" gëtt net verduebelt, well d'Silb onbetount ass.

# 2/12: Maach der näischt draus. Dat kënnt an de beschte Famillje ...

vir. ✓

fir.

vier.

fier.

0

# vir

→ "vir" wéi am Däitschen: vor.

→ "fir" mat "f" bedeit "für".

→ "vir" a "fir" ginn ëmmer mat "ir" geschriwwen.

# 3/12: Vum Fale léieren d'Kanner ...

goen.

goën.

gooen.

0

# goen

- → Den "o" ass laang, mee et kënnt kee Konsonsant hannendrun, dofir gëtt en net verduebelt.
- → Den "e" ass onbetount a kritt keen Treema.

# 4/12: So, gleefs du nach un de ...

Kleesschen?

Klääschen?

Kleeschen?

Kleesjen?

0

# Kleeschen

- D'Wuert setzt sech zesummen aus: Klees + chen.
- "Klees" ass eng Kuerzform vum Numm "Niklos/Nicolas" (mat engem "s").

# 5/12: Wann hie séngt, geet ...

d'Mëllëch ëm.

d'Mëllëch em.

d'Mëllech ëm.

Mellech em.

0

# d'Mëllech ëm

- Den Treema kënnt just op den "e", wann d'Silb betount ass. Bei "Mëllech" ass déi éischt Silb betount.
- Den "ëm" mat Treema bedeit "um" am Däitschen.
- Den "em" ouni Treema bedeit "ihm" (Bsp.: et ass em egal).

# 6/12: Hie geet mat den Hénger ...

schloofen.

schlofen.

0

# schlofen

- Den "o" gëtt laang geschwat an et ass just ee Konsonant hannendrun, dofir gëtt en net verduebelt.
- Bei zwee Konsonante gëtt den "o" verduebelt: dir schlooft.

# 7/12: Muench Leit huelen alles fir ...

boer Mënz. ✓

boër Mënz. ✗

boer Mëns. ✗

0

# boer Mënz

→ Den "er" ass onbetount a kritt keen Treema.

→ "Mënz" mat "z" wéi am Däitschen: Münze.

# 8/12: Et soll een d'Mais net bei de Speck ...

✓ spären.

✗ späeren.

0

# spären

→ Hannerum laangen "ä" ass just ee Konsonant, dofir steet de Vokal eenzel.

→ Wann dono nach ee Konsonant bäikënnt, da schreift een "äe": du späers.

# 9/12: Kräisch net, ...

- éiersde geschloe bass.
- éiers de geschloe bass.
- éier s de geschloe bass.
- éier sde geschloe bass.

0

# éier s de geschloe bass

→ Den "s", deen an engem Niewesaz virum Sujet "du/de" steet, gëtt wéi en eenzelt Wuert geschriwwen.

# 10/12: Zwee Membere si schonn amgaang, um President sengem Stull ze ...

seeen.

seeën.

seën.

0

# seeën

- Dës Form setzt sech zesummen aus: see + en.
- Wann dräi e-en openeentreffen, da gëtt deen onbetounten "e" mat engem Treema markéiert.
- Aner Beispiller: leeën, gëeenegt.

# 11/12: Hien ass e Vull fir ...

| ✓ | ✗ | ✗ |
|---|---|---|
| d'Kaz. | d'Kaaz. | d'Kaatz. |

0

# Kaz

- Den "a" ass laang an et ass just ee Konsonant hannendrun, dofir gëtt den "a" net verduebelt.
- Den "tz" steet just hannerun engem kuerze Vokal: Datz.

# 12/12: Hu mir zesummen d'Schwäin ...

gehidd?

gehid?

gehitt?

gehit?

0

# gehitt

- → Den "i" ass kuerz, dofir kommen zwee Konsonanten hannendrun.
- → D'Verb "hidden" gëtt hanne mat "tt" geschriwwen, wann de Konsonant haart geschwat gëtt.
- → Dofir ass et: ech hidden, du hitts, mir hu gehitt.